

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

REÇU
Par Aiff Christian, 10:20, 29/01/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

« D'Oflenkung duerch den Handy gehéiert nieft ze héijer Vitesse an Alkohol um Steuer ëmmer méi zu den Haaptursaache fir Accidenter am Stroosseverkéier. Gläichzäiteg ass et hautdesdaags duerch déi technologesch Méiglechkeete relativ einfach de Respekt vum Code de la route an där Hisiicht ze kontrolléieren a Verstéiss ze sanktionéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- Bei wéi villen Accidenter war an de leschte fënnef Joer d'Oflenkung duerch den Handy am Spill ?*
- Wéi vill Protokoller huet d'Police an de leschte fënnef Joer geschriwwen, well de Chauffeur während dem Fahren den Handy benotzt huet ?*
- Sinn déi Här Minister der Meenung, dass d'Oflenkung duerch den Handy ëmmer méi eng Gefor am Stroosseverkéier duerstellt ? Wa jo, si méi staark Policekontrollen an där Hisiicht virgesinn ?*
- Ass geplangt, der Police d'Méiglechkeet ze ginn, per mobillem oder fixem Handysradar méi staark géint dës Infractionen virzegoen ? Wat géif dergéint schwätzen ?*



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wa jo, kënnen déi Häre Ministere Präzisiounen zu den neien Handysradare ginn, z.B. wou se hikéimen ?*
- *Ass virgesinn, d'Police wéi a Spuenie mat Dronen z'equipéieren, fir dës an aner Infraktiounen ze kontrolléieren ?*
- *Wier et méiglech, mat de fixe Radaren, déi schonn installéiert sinn, ze kontrolléieren, ob Chaufferen den Handy um Steier benotzen ? »*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3539 du 29.01.2021 de Monsieur le Député Max Hahn - Téléphone
au volant

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés